LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 19 JAN. 2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N° 3321 du 16 décembre 2020 de l'honorable député Monsieur Max Hahn, concernant la piste cyclable sur la N5 entre Dippach et Bertrange, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op, d'parlamentaresch Ufro N°3321 vum 16. Dezember 2020 vum honorabelen Deputéierten Max Hahn iwwert eng nei Vëlospist op der N5 tëscht Dippech a Bartreng**

*Kann den Här Minister dës Informatioune confirméieren?*

Des Informatiounen kënne confirméiert ginn, eng ergänzend Bestandsopnam gouf am Kader vun dësem Projet gemaach.

*Wa jo, kann den Här Minister Detailer nennen iwwer dëse Projet? Wéi wäert den Tracé genee verlafen?*

Den Tracé vun der geplangter Vëlospist verleeft tëschent Dippech an Bartreng nieft der N5.

*Wäert d'Vëlospist kloer getrennt vun der Strooss verlafen?*

Eng Trennung tëscht dem Vëlo an dem Auto gëtt duerch verschidde Moossname virgesinn, wéi déi vun engem Gréngsträifen a Verbindung mat enger Leitplank an duerch eng optesch Trennung.

*Wäert déi nei Vëlospist an déi bestoend Fuerbunn vun der N5 integréiert ginn oder gëtt nieft der aktueller Fuerbunn eng separat Vëlospist gebaut?*

D'Vëlospist gëtt nieft d'Strooss gebaut. En Deel vun der N5 gëtt awer fir den Bau vun der Vëlospist benotzt.

*Wéini sollen d'Aarbechten ufänken a wéi laang sollen se daueren?*

Den Ufank vum Chantier ass vir Enn 2023 programméiert an d'Dauer vun den Aarbechte beleeft sech viraussiichtlech op e Joer.

*Wier déi nei Vëlospist komplementar zur PC35, déi vun Dippech-Gare duerch de Bësch op Bartreng geet oder gëtt dësen Tracé opginn en Faveur vum Tracé iwwer d'N5?*

Déi nei Vëlospist wier komplementar an erlaabt dem Vëlosfuerer iwwert den direkte Wee an d'Stad respektiv aus der Stad Richtung Käerjeng ze kommen.